

WANDROUS

N° 338 Fréileng / Päischtmount 2012

avril / mai



Kennt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB

E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste émmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Jack Wolfskin



Touratech



TATONKA

EXPERIENCE LIFE

THERMA-REST



Raichle



GARMIN

patagonia



MENDEL
Shoes For Activities



LOWE



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de



Moien dir kleng Detektiven !

Den **28.04.2012** ass ét esou wäit, d'Beaver aus dem ganzen Land treffen sëch an der Stad fir den 'Beaver on Tour'

Mir brauchen nämlech är Hëllef fir all zesummen kennen een kniwwelen Fall ze léisen.

Bréngt also är Detektivsaachen, ären Mutt an är Spiernues mat op den **Rendez-vous den 28.04.2012 um 13:30 Auer um klengen Parking vum Glacis.**

Wann mir um **18:15** Auer nees zeréck um klengen Parking vum Glacis sinn, hun mir bestëmmt den Fall geléist !

Fir eng kléng Stärkung ass gesuergt, du brauchs just **e Bidon mat Waasser an dem Wieder ugepassten Kleeder.**

Daat Ganzt kascht **5 Euro!**

Dës sinn schnellstens op den Konto: Les Lions Bleus-Beaver Asbl (**CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000**) mat der Mentioun : 'FNEL Beaver on tour & den Numm vum Beaver' ze iwwerweisen.

Beaverklack:
Nora,Lena,Maiti,Alizée

Heimat erlaaben ech _____ méngem klengen Detektiv

_____ mat op déi grouss Spuerensich

den 28.Abrëll 2012 vun der FNEL mat ze goën!



Ënnerschrëft



*Spiggel, Spiggel un der Mauer,
ween mescht dei bäscht
Rover-WE am Land ?*



*D'FNL mecht gudd Rover-WE, awer d'LIONS BLEUS
vun Bounneweg, am Dall bei der Uelzecht, machen dei Bäscht !*

*An dorobshin hun sämtsech Leit sech op den Wee gemach, fir bei dei
berühmten Lions Bleus ze kommen.*

Si treffen sech:
Samsdes, den 28. Abrëll 2012
um 10:00 Auer op der Gare vun Dummeldeng.

Si huelen matt:
Pic-Nic fir samsdes Mëttes, Carry-Matt, Schloofsaack, Gegrills fir sonndes
Mëttes, Gamelle, Becher, Bidon, a.s.w.



Den Retour ass firgesinn:
Sonndes, den 29. Abrëll 2012
géint 17:00 op der Gare vun Dummeldeng

Fir nüt zefill Stau op den Stroossen ze hun, wir et gudd, wann
d'Leit sech géiffen bis den 22.4.2012 beim Paco umellen.

(paco_grizzly@hotmail.com, 790238, 691790238)

Sortie Meute

Alien Sortie



Moien dir léif Kanner vun der Erd. Ech hoffen dësen Message wärt sou schnell wéi méiglech ären Planéit erreechen. Ët ass nämlech ganz dringend!!! Déi letzten kéier wou mir mat eisem riesegen Ufo op der Erd geland sinn, hun mer e ganzt kostbart Stéck verluer. Ouni dëst Stéck können mir an eiser Welt nüt méi weider liewen!! Den **5.Mee** wärten mir d'Erd erreechen an probéieren dëst Stéck éremzefannen, also haalt ierch prett! Mir NËTMENSCHEN, genannt och nach ALIENS wärten Ierch onendlech dankbar sinn, wann dir léif Kanner eis bei der Sich vun eisem verluerenen onbeschreiflech wichtegen Stéck géift hëllefen.



Wéini: **5.Mee 2012**

Arrivée op der Erd: um **15:00** op der Spillplaatz zu Bouneweg beim Waassertuerm

Schluss: um **21:30** beim Home (LBB)


Material: Bidon, fest Schong, Täschenluucht, dem Wöllefchen
Séng 5 Saachen an GANZ VILL MOTIVATIOUN...

Präiss: **7 Euro**, sinn ze iwwerweisen op den Compte:
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l - Meute
CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000

Déng Cheffenequipe:

Claude, Prunelle, Breeze, Sophie & Michel

--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--



Heimat erlaaben ech..... méngem Meedchen/Jong
..... den 5.Mee 2012 op der Alien-Sortie deelzehuelen
an ech iwwerweisen d'Suen bis spéidstens den 30.Abrëll 2012.

Ënnerschrëft:

Souche Explorer/Rover RAID

Explorer - Rover

Explorer / Rover RAID



Och dest Joer ass en Raid, just daat en dest Joer bessen mei speit am Joer ass. Den Datum ass den 5 / 6 Mee.

Wanns du Loscht hues en flotten Weekend zeerliewen, an der Uniteit bis an d'Nuecht den richtegen Wee sichen, vill laachen, nei Leit kennzeleieren an deng Orientationkenntnisser zeverdeiwen. Dann muss du dech nemmen nach umellen, fell des Souche aus angeff se bis den 14. Abrell bei engem Explorer-Cheffen oof.

Rendez-vous: Samsteg den 5 Mee, dei geanu Auerzeit an Platz kreien mer erreicht matgedeelt wann mir ugemellt sin

Retour : Sondes den 6 Mee op der Gare de Luxembourg (dei genau Auerzeit kennt nach no)

Wat brauchste : gutt Treppelschung, dem Wieder ugepassten Kleeder, Täschenluucht, Orientierungsmaterial, Schloofsaack, Carrymatt an gud Laun ☺

Preis : 18 Euro bis speiststens den 14. Abrell op den Explorercompte iwerweisen:
CCPL LU49 1111 2324 7361 0000
Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explore



-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-



Ech erlaaben
mengem Explorer
vum Grupp
um Raid vum 05.-06.Mee 2012 deelzehuelen.

.....
Ennerschrëft von den Elteren



Sortie Explorer

Explorer

Klammsortie zu Arel



Et as emol erem eng Keier esou weit, Lions Rouges maachen zesummen eng Klammsortie zu Arel, an der greister a flottster Klamm an Boulderhall an der Grousregioun.

Wanns och du loscht hues en flotten an interressanten Daag ze verbrengen, an zesummen mat eis Arel onsecher ze machen dann as dat heiten genau dat richtegt fir dech, doweinst zeck net an mell dech esou seier wei meiglech un.

Rendez-vous: Samsteg den 12 Mee um 9Auer op der Gare de Luxembourg

Retour : Samsteg den 12 Mee um 18 Auer op der Gare de Luxembourg

Wat brauchste : Sportssaachen, Klammmaterial (wann en es huet), Pic Nic, an eng gud Laun ☺

Preis : 10 Euro sin mat op den Rendez-vous ze brengen



Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Sou



Heimat erlaben ech.....
mengemExplorer
un der Klammsortie de 12 Mee deelzehuelen.




Formatiou恩sortie 2012 Troupe

FORMATIOUNS SORTIE

fier d'Patrull BLACK MAMBA

«Leiwen Retter an Entdecker,



ech brauch onbedengt deng Hellef! Dest as reicht den eischten Message, deen dech op denger gefeierlecher Rees duerch meng Bëscher begleeden waert. Mat hellef vun mengen geheimen Coden, an Nooriichten waert ed Dier hoffentlech gelengen mech ze fannen, an mat mier zesummen main Schatz ze verteidegen.

Dofier muss de dech seier umellen, dat den Smithers dech och mat engem Apéretif vierum Home empfänken kann.»

mat héich respektvollen Gréiss,

Wat?
Wou?
RDV?
Präiss?
Wat brauch ech?

D'Formatiouns Sortie fier d'Patrull BLACK MAMBA
vierun eisem Home LBB
Den Samsten, den 12. Mee 2012 vun 10-16 Auer
7 euro sin fier op d'Sortie matzebrengen
Dem Wieder ugepassten Kleeder, fest Schong an e
Bidon mat Waasser.

secret codes
://00101101010101010101011000110011010111010101101001101
0101101110010101101//scan fier Black MAMBA
Newsletter:



Dain SP,
Pitt

Patrull
BLACK MAMBA

X - - - - -

•SOUCHE•SOUCHE•SOUCHE•SOUCHE•SOUCHE•SOUCHE•SOUCHE•SOUCHE•	Heimat erlaaben ech..... mengem Scout/Guide un der Formatiouns Sortie vum 12. Mee 2011 deelzehuelen Ënnerschrëft vum Responsablen:



VELOS-SORTIE



HUES NËT OCH DU LOSCHT, DECH MOL NEES NO
LAANGEM, SOU RICHTEG AUSZETOBEN AN MAM VÉLO HIN AN
HIER ZE FLITZEN?

DANN HUEL DÄIN VÉLO AUS DER GARAGE AN GÉI MAT EIS
OB DEN TOUR, DEENS DU SËCHER NËT VERPASSEN WËLLS!

WEINI:

DEN 19.MEE 2012 UM 11.00 BEIM HOME VUN DEN LIONS BLEUS

RETOUR:

DEN 19.MEE 2012 UM 18.00 BEIM HOME VUN DEN LIONS BLEUS

PRÄISS:

6 EURO (FIR D'MËTTEGIESSEN)

SOUCHE ASS OOFZEGIN BIS SPÉIDSTENS DEN 5.MEE 2012!

DÉI 6 EURO SINN BIS SPÉIDSTEN DEN 5.MEE 2012 ZE IWWERWEISEN OP DEN
COMPTE VUN DEN BEAVER (CCPL IBAN LU 87 1111 2571 8942 0000) MAT
DER MENTIOUN VÉLO-SORTIE + DEN NUMM VUM KAND.

WAT BRAUCH EEN:

SÄIN VÉLO, ONBEDÉNGT EN PASSENDEN HELM & E BIDON MAT WAASSER!!!

BEAVERKLACK;

HEIMAT ERLAABEN ECH

MENGEM BEAVER DEN 19.MEE 2012 UN DER VÉLOS-
SORTIE DEEL ZE HUELEN.

ECH KUCKEN DASS MÄIN VÉLO AN ENGEM TIPTOPEN ZOUSTAND OP DEN
DÉPART KËNNNT, AN ECH BRÉNGEN OCH MEIN HELM MAT FIR KENNEN
MATZEFUEREN.

.....
ËNNERSCHRËFT





It's me ... Here we gooooo!

Hues de Loscht mat eis Banannen an Stären ze sammelen,
Kart ze fueren an vun enger Welt an déi aaner ze sprangen?!?
Dann komm mat op dem Mario séng Party! Logg dëch schnell
an, an beam dëch mat eis an d'Welt vun den Kassetten an
Nintendo'en, well mir maachen een Video-Game-Camp! Hëllef eis
mam Mario, Luigi, Donkey Kong & Co. d'Prinzessin Peach aus
dem Browser séngen Klauen ze befreien.



WHEN? 26.-29.May 2012


START for the SG/EX? Samstes, den 26.05.2012 um 9 Auer op der Gare centrale zu Lëtzebuerg

SG/EX brauchen fir mëttet PIC-NIC :

START for the LX? Samstes, den 26.05.2012 um 14 Auer op der Gare centrale zu Lëtzebuerg.

THE END? Dënschdes, den 29.05.2012 um 16 Auer zu Miersch beim Scoutschalet vun den Loutres(FNEL)
(16,Haardter Wee L-7534 Mersch)

MATERIAL LIST? Schloofsaack&Carrymatt fir dobaussen, Schwammsaachen, Gamelle & Kichenduch, Täschenluucht, Biergschong, liicht Schong, Wäschsaachen, Pijama, dem Wieder ungepassten Kleeder & Ersatzkleeder, dem Wöllefchen séng 5 Saachen...
--> JUMBOSKAART, EGO Kaart oder 1 ROUDEN TICKET.



PRICE? 50€, sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 12.05.2012 op den Compte vum FISCHER Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) mat der Mention "PC+Numm vum participant"

SIGN UP? D'Souche ass oofzegginn bis spéidstens den 12.05.2012!!!
Dono geet keen méi mat :(

-SOUCHE for the VideoGamesPCamp--SOUCHE fir den VideoGamesPCamp--SOUCHE for the VideoGamesPCamp-

Heimat erlaaben ech méngem Wöllefchen / Scout / Explorer / Rover um Pēngshtcamp vum 26.-29.05.2012 deelzehuelen.



Ënnerschrëft.....



Troupensortie 2012

Troupe



Méng léif RÉIMER



**Den 9.Juni ass ét sou wäit. Mir maachen eis op den Wee fir d'Welt
vun den Réimer ze entdecken.**
**Wéi hun sie geliewt? Waat hun se an der Fräizäit gemeet?
Daaat an nach vill méi gëss de gewuer op eiser grousser
Entdeckungsrees op Tréier...
Dofir haal der dësen Datum fraï!!!!**



Rendez-vous:

Den 9.Juni 2012 um 09.00 op der Gare centrale de Luxembourg

Retour:

Den 9.Juni 2012 um 16.45 op der Gare centrale de Luxembourg.

Präiss :

15 Euro, sinn bis den 2.Juni 2012 op den Konto vum Manon Fischer ze iwwerweisen.

CCPL LU69 1111 1943 4251 0000
(am Präiss ass den Zuchticket mat dran!!)

Waat brauchs de nach?

Vill gudd Laun, dem Wieder entsprielend Kleeder.

WICHTEG!!!

Souche zielt als Accord Parental.

OUNI Souche geet een nët mat!!

--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--



Heimat erlaaben ech..... méngeklengen

Réimer un der Troupensortie

(09.06.2012) zu Tréier(D) deelzehuelen an ech énnerschreiwen
dat ech d'Suën rechtzäiteg iwwerweisen.



Énnerschrëft vum Elterendeel:

Teambuilding



Baste motiviert en flotten Daag zesummen mat Frenn ze verbrengen, gemitterlech ze grillen, an des Leit nach besser Kenneleieren eseu daste genau wes weiniste dech op se verlose kanns, an wells des alles op eng strategech, sportlech an witzeg arderweis kenneleieren, mer dann komm mat eis Lazer Tag Spillen.

Weini :

Samsteg de 9 Juni um 11 Auer am Home

Retour:

Samsteg den 9 Juni um 17 Auer am Home

Material:

Schwarz Box an schwarzen T-Shirt, e gudden Honger an eng gud Laun😊

Preis:

25 Euro sin mat op den rendez-Vous ze Brengen



Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Heimat mellen ech
mech fier d'Teambuildings
Sortie vum 9 Juni un



LÉIWENFEST

soirée es pagnole

14.Juli'12

- Sangria
- Tapas 20€
- Paëlla ënner 18 → 15€
- Crema cataläna ...



Bei eiSeM HOMe

START

Bv/Lx/Sg/Ro um 16:00Auer & fir Elteren,Famill, Amicale & Frënn um 18:30Auer

D'Souche ass oofzeginn an d'Iwwerweisung ass ze maachen bis den 1.Juli 2012!
(CCPL IBAN Lu69 1111 1943 4251 0000 vum Fischer Manon) --> Mentioun: Léiwenfest,Numm&Unzuel

Heimat mellen ech _____ folgenden Beaver,
Wöllefchen, Scout, Explorer, Rover _____ & (Zuel vun
Elteren/Famill/Frënn) _____ Persoun(en) fir d'Léiwenfest un.



Ännerschrëft: _____




SUMMERCAMP 2012

fir Scouting/Explorer/Rover



Gelebte Nachbarschaften

31.Juli 2012 - 13.August 2012



NEWS zum CAMP...

Präiss vum Summercamp??? 420 €

1.+2.Acompte: 150€ + 150€ (woren bis den 31/12/11, respektiv 1/03/12 ze iwwerweisen)

(Den AC2 feelt nach beim: Joachim,Pitt,Justin,Mauro,Ludovic, Samuel,Tahr,Claude)

3.Acompte: 120€ bis den 1.Mee 2012

ze iwwerweisen (Mentioun:TECHUANA+Numm) op den Compte: Fischer Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)

DATUM vum Camp?

DÉPART--> 31.07.2012 (+/-21Auer) RETOUR--> 13.08.2012 (+/-9Auer) um P&Ride um Howald

Elterenversammlung?

Samstes den 16/06/2012 um 16:15 an eisem Home, obligatorësch fir jiddereen!!!

Hei kriss du Détailer iwwer den Camp, Programm, Material...däin perséinlechen Dossier mat der Fiche médicale, enger Apaacklëscht an nach vill méi ...

SUITE Baacksoncie?!?

Vue-que dat mer duerch är Hëllef (nach emol e groussen MERCI) op eiser Baacksoncie mat den selveragebaackenen Fueskichelcher genuch Geld erankruuten, wollten mir heimadden e flotten CAMP T-shirt oder Pullover maachen loassen. Waat mer do maachen, décidéieren mer nach am Staff.

Fir dës awer können ze bestellen, bréischten mer är Gréisst. Also d'Souche ausfüllen an schnellstméiglechst dem Lex oder Tamia nees oofginn :)

SOUCHE fir en T-shirt / Pullover ?!?

Ech _____ bestellen mer gären en CAMP T-shirt/Pullover an folgender Gréisst:
S____ M____ L____ XL____ fir mat an Techuana ze huelen.

Ënnerschrëft vum Responsablen: _____



Programm Beaver

Den Beaver-Programm

ABRËLL:

- 7. keng Versammlung -> Vakanz
- 14. keng Versammlung -> Vakanz
- 21. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 28. BEAVER FUN-DAY



MEE:

- 5. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 12. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 19. SORTIE
- 26. keng Versammlung -> Vakanz


SCHEIN VAKANZ :)

JUNI:

- 2. keng Versammlung -> Vakanz
- 9. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 16. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 22. FAACKELZUCH an der Staat
- 23. keng Versammlung
- 30. Beaverversammlung 14:00-16:00

JULI:

- 7. keng Versammlung
- 8. POW-WOW
- 14. LÉIWENFEST



Beaverklack

Lena & Nora & Maiti & Alizée

Programm Meute Den Meute - Programm

März

31.3-2.4 OUSCHTERCAMP
31.3-15.4 keng Versammlungen --> Ouschtervakanz



ABRËLL

21. Versammlung 14:00-16:00
28. Keng Versammlung --> RO-Weekend

MEE

5. Sortie
12. Versammlung 14:00-16:00
19. Versammlung 14:00-16:00
26.05-3.06 Keng Versammlungen --> Pëngschtvakanz
26.-29. PËNGSCHTCAMP

JUNI

9. Versammlung 14:00-16:00
16. Versammlung 14:00-16:00
22. FAACKELZUCH
23. Keng Versammlung --> Nationalfeierdaag
30. Versammlung 14:00-16:00

JULI

7 keng Versammlung
8. POW-WOW
15. LÉIWENFEST
15-->september: GROUSS VAKANZ



Programm Troupe

den Troupe - Programm

ABRËLL

- 12.-14. OUSCHTERCAMP
21. PATRULLENSORTIE fir d'Patrull Black Mamba (Sophie)
PATRULLENSORTIE fir d'Patrull Anaconda (Sam)
28. keng Versammlung --> RO-Weekend



MEE

5. Truppenversammlung 14:00-16:00
12. Patrullenversammlung 14:00-16:00
PATRULLENSORTIE fir d'Patrull Black Mamba (Pitt)
19. Truppenversammlung 14:00-16:00
26.05-3.06 keng Versammlungen --> Pëngschvakanz
26.-29. PËNGSCHTCAMP



JUNI

9. TRUPPENSORTIE
16. Truppenversammlung 14:00-16:00
Elterenversammlung TECHUANA SUMMER um 16:15
22. FAACKELZUCH
23. keng Versammlung --> Nationalfeierdaag
30. Truppenversammlung 14:00-16:00



JULI

- 7.-8. POW-WOW
14. LÉIWENFEST



TECHUANA Summer

--> 31.07.2012 - 13.08.2012

SEPTEMBER

- 1./ 8./ 15. keng Versammlung = SummerVakanz
22. GRUPPENVERSAMMLUNG 14:00-17:00
29. Truppenversammlung 14:00-16:00



OKTOBER

- 6.-7. MONTEE
13. Truppenversammlung 14:00-16:00
20. Patrullenversammlung 14:00-16:00
27. Truppenversammlung 14:00-16:00



Programm Explorer

ben Explorer - Programm

Abrëll

07. Keng Versammlung
10.-14. FNEL Veloscamp Belge 2012
21. Explorerversammlung
28. Keng Versammlung
28.-29. Roverweekend

14-16 Auer



Mai

- 05.-06. Explorer-Rover RAID
12. Sortie
19. Explorerversammlung
26.-29. Paischtcamp

14-16 Auer

Juni

02. keng Versammlung
09. Sortie
16. Explorerversammlung
22. Faackelzuch + Grillen
30. Explorerversammlung

14-16 Auer

14-16 Auer

July

07. keng Versammlung
08. POW WOW zu Schuller
14.-15. Leiwefest

July/August

- 30.-31.7.12 TECHUANA 2012 SUMMER
01.-14.8.12 TECHUANA 2012 SUMMER



Fir d'Unitéit : Eric/Tameng/Tahr


Rapport Dedektivesortie

Rapport Meute

Rapport Detektivensortie 14 Januar 2012

Moies frei um 11 Auer hunn d Wellefcher sech bei wonnerscheinem Wieder bei der gellener Fraa getraff. Nodeems mier vun der scheiner Aussicht an deenen vallen Japaner profiteert hunn fier eng, respektiv puer Gruppenfotoen ze maachen sinn ma all zesummen an Detektivenschoul getreppelt, (wat wahrscheinlech dei ganz Staat matkritt hued well ech kann iech verroden, d Wellefcher kennen gaanz haart sangen) wou sie hier Ausbildung oofgeschloss hunn, dobei hunn sie sech qualifeiert an Fächer wie : Sport, Entschlesslungssenn, Spürsenn, Beobachtung ... Mais kaalt Wanter Wieder mescht hongergeg, mier hunn am Park op der Spillplaaz Piknikt an herno konnten mier nach bessen vun der cooler Spillplaaz profiteieren ear ma eis rem op den Wee gemaach hunn. An der Staat unkomm kruuten ma deen groussen Optraag: den Mister X, een gefaartenen bekannten Verbriecherm deen Gold aus der ganzer Welt klaut sollt deen Daag sein Gleck bei der gellener Fraa probeieren, deen eenzegen Wee fier heen ze stoppen ass eraus ze fannen wien heen ass, wat natielech net sou einfach ass... D Wellefcher sinn an Gruppen mat puer Explorer (merci hei nachenkeier un dei) duech d Staat getreppelt an hunn noo den Schmuggler gesicht, dei ganz wertvoll Menz bei sech haaten, mat souenger Menz sinn se dann weider op d Sich gaang noo den Verräter aus dem Mister X senger Mafia, dei hinnen dunn geint erleis vun den Suen en puer Informatiounen ginn hunn. Et muss een soen dass d Schmuggler wie d Verräter et deenen aamen midden Wellefcher net ganz liicht gemaach hunn, sie hunn hinnen hier Saachen net einfach esou ginn mais hunn sie dei onmeiglechst Saachen ugestallt, and Wellefcher hunnn sech firun neicht gescheit, sou hunn sie zumbeispill an der groussgaas een klengen Konzert ginn oder am Kiosk op der place d Armes eng Danzoplaag gemaach. Souvill Tapferkeet an Motivatioun gouf dunn och belount, enger Grupp ass et dunn gelongen den Mister X ze fänken an ze entlüften, sie hunn heen, wei richteg Polizisten bei eis bruecht an soumatt d Patrimoine gerett. Um 5 Auer war et dunn eriwwer an sie sinn heemgaang.

Claude



Rapport Explorersportsdag

Rapport Explorer

Rapport Explorersportsdag 22. Januar 2012

Et hun sech 7 Explorerunitéiten moies um halwer 10 zu Diddeleng am Centre sportif René Hartman getraff. Folgend Gruppen hun participéiert:
Aigles, Hoga, Lions Bleus, Loutres, Peaux Rouges, Loutres, Roude Milan an d'Wéll Säi

Nodeems den Dagesoflaf an d'Zill vum Dag presentéiert goufen „Spill, Spaass an Fairplay“ goufen aus deenen 7 Unitéiten an aus dem Explorercommissariat 6 Teamer gebillt.

Fir eis waarm ze maache gouf Mohrhuhn gespillt: een Hindernissparcours wou een och nach mat Bäll ofgeschoss konnt gin. Nodeems mir schonns alleguer gutt geschweesst haaten gouf dunn Hockey gespillt. Dat war och dat spill wat am lengsten gedauert huet well all Equip engkeier geint eneen gespillt huet. Gudd dat mer Waasser gesponsort krutten, wat eisen Explorercommisaire, den Guy organisiert hat, an mier nach gratis Uebst zuer verfüzung gestallt krutten. Mier hatten eng Auswiell fun Äppel, Bannanen an Mondarinnen.

No émmerhin 2 Stonne Hockey war et dann och schonns un der Zäit fir eng gutt Stäerkung. Die mecht hatten sech e Pic-nic matbrueht, fier die weu dat awer verschloof hun war et awer keng Tragedy well am Centre Sportif konnt en sech och frech gemachen Nuddelen kaafen.

No der Mëttespaus goung et mat den Volleyballsmatcher virun, weu mer suguer en richtegen Volleyballs Schietzrichter hatten, den d'Matcher gepaff huet.

No der Final vum Volleyball goufen dunn Völkerballterrainen opgeriicht. De Völkerball war dun och dèi lescht Sportaart vum Dag, bei der sech dunn och, wei mier an de Statistike gesinn hatten, an der Final sech géif erausstelle wien dèi meeschte Punkten am Daag gemaach huet. No der Final vum Völkerball krute mier dunn d'Geleeënheet fir Duschen ze goen oder einfach nach e bësse weider ze spiller. Als Ofschluss gouf dunn nach Reklamm fir den Veloscamp gemaach well mier nach Uniteiten brauchen dei mat gin.

An zu gudden lescht geuf natierlech nach eng Chain des Adieuxgemaach. D'Gewënner vun de Spiller waren d'Aigles, mee d'Gewënner vum Dag ware mier all zesumme well mier vill Spaass hatten an owes och gutt midd Heem gefuer sin.

Eric Holzem an Marielle Heftrich



Rapport Peter Pan-Weekend:

vun der Meute:

Peter-Pan Weekend 28-29 Januar 2012

Samsten hun sech d'Wellef um 13.50h op der Gare getraff an sech op den Peter-Pan camp gefreet! Mir sinn allegueren zesummen bei den Zuch getreppelt fir op Ettelbréck, fir hano bis op Ierpeldeng mam Bus ze fueren. Am „Nimmerland“ ukomm, sinn sech d'Wellef erop an d'Dortoiren install-eieren gaangen. Domadd mir och allegueren am Thema erankommen an fir hano prett fir den Quiz ze sinn, hun mir een klengen Brainstorming op der Tafel gemaacht. Während dem Quiz sinn och endlech d'Sophie an den Michel mam Auto ukomm. Hieren Orientierungssenn huet am Nimmerland net soufonctioneert wie geplant. :) No engem leckeren Snack konnten mir och mat der Bastel unfänken. D'Eerkarton'en ausgeschnidden, greng ugemolt an schon huet sech een Krokodil geformt. Nodeems kruuten d'Wellef ee bessen Zait fir sech, an konnten sech am Dortoir ee bessen vill austoben. No enger Zaitchen sinn d'Wellef beemol all verkleed an d'Kichen eroof gelaaf komm an hun eis eng Virfeierung gemaacht. Nodeems d'Wellef ee bessen zevill opgedreint waren an d'Iessen schon ferdeg wor, hun sie ouni ze schwätzen missen hier Gamelle sichen goen an d'Ratatouille ass zerveiert ginn. No den Chargen missten mir eis allegueren waarm undoen fir keennen dobaussen een Nueschtspill ze spiller. No zwou gudden Stonnen dobaussen kruuten sie nach virum schloofen Schoki. Jiddereen ass schloofen gaangen just den Feieralarm ass beemol ungangen, mee dat wor wuel een Fehler well naischt geschitt wor!



Sonndes moies ass jidereen erwescht ginn an Frühsport gouf gemaacht. Nom Iessen an no den Chargen goufen d'Wellef an hieren Sizainen op Posten gescheckt, well d'Wendy vum Captain Hook entfeiert gouf. Nodeems d'Wendy vun den Wellef fonnt ginn ass, ass jidereen dobannen gaangen an hun hieren Krokodil ferdeg gebastelt. No engem gudden wuel verdengten Mëttagiessen hun d'Wellef och missen den Home botzen. Dun sinn mir bis op der Gare vun Ettelbréck betreppelt an hun do den Zuch bis op Lëtzebuerg gehol. Um 16.00h war den Camp ferdeg.

Breeze

FNEL Wanter-Hike:

vun der Troupe:




Samstes, den 11. Februar 2012

Mir hun eis mëttes um 14:00 Auer op der Staater-Gare getraff, wou mir dann den Zuch geholl hun. Zu Ettelbréck op der Gare hun mir op den Bus gewaard mat nach e puer aaneren Gruppen. Mir sinn op eng Plaatz gefuer, wou mir en Carré gemaach hun an erklärt kruuten wéi den WanterHike mam Trajet géif ooflaafen. D'Gruppen sinn een no dem aaneren fort op zwee verschidden Trajeten geschéckt ginn mat Posten. Mir waren déi lescht déi fortgeschéckt goufen, mais awer nét déi lescht déi owes am Bësch op der Owesplaatz bei deenen aaneren Gruppen unkomm sinn. Wéi d'Piwitschen & d'Kiewerlécken dann och endlech ukomm waren, sinn mir an d'Duerf bei d'Scheier getréppelt. Wéi mir am gaangen waren nach eis ze installéieren an dem Stréi, huet den Yann nach énnert sénger Carrymatt eng mumifiziéiert Kaatz fonnt, déi ausgesinn huet wei wann se schon méi laang giff do leien. No deems en Chef d'Kaatz eraus gedroën huet an d'Meedecher séch berouegt hun, ass geschloof ginn. Et war aschkad an ét ass och zimlech vill geschnarcht ginn, ét waren nét déi beschten Konditiounen fir ze schlofen...

FNEL Wanter-Hike:

vun der Troupe:



Sonndes, den 12.Februar 2012

Moies sinn mir vum Tamia erwäschkt ginn. Och wann nüt jiddfereen sou begeeschtert vum Opstoën war, hun mir eis trotzdem faerdeg gemaach, den Rucksak gepaack an sinn erof gaangen fir Kaffi ze drénken. Mais mir sinn kuerz drop gewuer ginn dass mir nach die grouss Chance haaten Frühsport ze maachen. Mir sinn bei eng Wiss gaangen wou d'Cheffen eis laafengedoën hun. Mir sinn no enger halwer Stonn erëm gemiddlech zeréckgetréppelt wou den Grupp vun den Verléierer als lescht z'iessen kruut, well se nüt sou motivéiert wéi die aaner Equipeen beim Frühsport gewiescht waren.

No dem Iessen goufen mir an gläichgrouss gemëschten Ekippen opgedeelt an hun mat denen verschidden Atelieren ugefaang. Dës waren op d'Thema 'Eng faarweg Welt' opgebaut, an mir hun missen déi 5 verschidden Kontinenter passéirern. Et war vun allem dobai: Quiz iwwert d'Welt, Hufeisen schéissen an nach vill aaner Spiller. Mir hun mëttes gegrillt kruut an doño konnten mer nach d'Atelieren maachen, zu deenen mir nach nüt komm waren oder en faerdeg gemaach. Wéi dunn och d'Atelier all gemaach waren, hun mir eis all verabschiedet an sinn mam Rucksack bei d'Buser gaangen. Mir sinn eng Zait bis op d'Ettelbécker Gare gefuer, wou mir dann mat nach mat deenen aaneren Gruppen den Zuch op Letzebuerg geholl hun. Et war mat puer Ausnahmen en ganz schéinen Weekend.

Sophie Folmer



Rapport Baak - Sortie

Rapport

Bääksortie den 28. Januar 2012

Als eicht hummier ons al fasammelt an ons Schäfen hun on salles äkleiert vät mier machen sollen. Si hun ons an gruppen agedeelt. Ang grup hyöt den deech fiert kniet. Di äner hun den änaren dech gemeet. An dielächt grup hyöt fapäkt. Al häatten fil gemeet. Aver ons grup vären am schnälsten den deech gemeet. Den Lex hyöt evits gemeet dät vandu bai onserer grup den deech ge-froot dan hätten mier den deech an pyör tsing sikonnen den deech feärdech. Um schlus hätten mier drei deech mat lievens mettel fääv gemäächt.



VERBESSERT VERSIOUN!!!

Baack-Sortie

Den 28.Januar hun mir eis als éischt all versammelt an ons Cheffen hun ons alles erklärt waat mir maachen sollten. Sie hun ons an Gruppen opgedeelt. Eng Grupp huet den Deeg fir d'Kniét an déi aaner hun deen aaneren Deeg gemeet. Déi letzt Grupp huet sämtlech Kniét an Fuesbullén verpaackt. Alleguer haaten mer schnell an gudd geschafft an sinn gudd virun komm Awer ons Grupp wor am schnellsten déi den Deeg gemeet huet. Den Lex huet een Witz gemeet, dat wann sie bei onserer Grupp eng nei Portion Deeg gefroot haben, mir dësen Deeg an puer 10 Sekonnen den Deeg färdech haaten. Mëttes ass nach een Grupp Tuuten mat den Fuesbullén/Kniét an Kalenneren an Bouneweg verkaafen gaangen an mir hun weidergemaach wéi moies. Zum Schluss vun der BaackSortie, wou all d'Tuuten fir den Verkaaf färdeg worn, hun mir nach dräi Deegportionen mat Liewensmëttelfaarw gemaach an hun dono all zesummen déi faarweg Bullen ausgebaack an opgiess. Aleksis Piron



Rapport Techuana 2012

E Freideg, de 17. Februar war de Startschoss fir Techuana 2012. Di Bloléwenekipp huet sech am Home getraff fir den Départ ze präparéieren. D'Remorque ass gepak an de Chargentablo gemolt gin, iwert d'Route an de Verlaf vum Samschdeg si mer informéiert gin an dunn ass et mat Zäit an d'Klapp gaang well samschdes si mer um 5 Auer opgestan, fir datt mer um 6 Auer am Auto sätzen.

Ech muss gestoen, datt ech mech net op eng bal 1000km-Rees gefreet hun. Ënnerwee hu mer am Auto Spiller gemaach, gesong, diskutéiert a Musek gelauschtert, sou datt d'Rees mer guer net laang virkomm ass (merci u méng Matfuerer). Eis LX-Cheftainen hun esouguer ee formidabelt Camp-Lidd gedicht, dat mer e Sonndeg mat enger Choreografie presentéiert kruten - mega!!

Wéi mer ukomm sinn, ass et direkt lassgaang: d'Iewen all umaachen, Kachen (merci Pic fir d'Spaghettiszooss, déi mer vu Bouneweg matgeholl hun), Remorque auslueden, installéieren, Waasser siche goen - eemol fir d'Toilett an d'Eemeran dann d'Kanisteren fir Drénk-, Kach- a Spullwaasser un der Quell fëllen, Gasluuchten uschléissen, Petrolsluuchte fëllen, ... - et war eppes méi lass an dir kënnt iech lo vläit ee Bild dovu maachen wéi alles mat Kappluuchten duerch d'Géigend gebëselt ass.

Sonndes moies ass et domatt weidergaang - am Carré hu mer de Fändel um 1. Mast eropgezunn an d'Tamia huet erklärt, wat dee Moie vun Aarbechten usteet an se verdeelt. Mir hun also ee Schlauch vun der Quell bis an d'Kiche geluegt, wat eis sollt de Gang mat de Kanistere bei d'Quell erspueren, anerer hun Holz geseet a gespaalt a bei d'Haus getesselt (et geet jo niiiii duer mam Holz). Mëttes hu mer een Tour duerch d'Géigend gemaach a mat Päerd heemelen a Schnéiballschluecht hu mer eng schéin Zäit verbruecht.

Méindes war Zäit fir den 1. Dag op de Bierg. D'Turacher Höhe stoung um Programm a mir hun eis a Gruppen opgedeelt fir datt mer op d'mannst zu 3 ënnerwee sin. Déi eng hu missten ugéiéert gin (merci Grizzly), déi aner hu missten an de Rhythmus kommen (merci Paco, Tameng a Soa fir d'Ënnerstëtzung) an nach anerer sin direkt drop lassgefuer. Um 13h00 hate mer Rendez-vous bei der Remorque fir zu Mëttag z'essen. D'A-Team an eis Scoute ware mat Zäit do a vu datt mer de Schlëssel vun der Remorque haten, konnte mer den Dësch alt decken. Dunn hu mer gewaart ... a gewaart. Wéi mer all do worn (de Chef de Camp hat de giele Fändel) konnte mer endlech sangen an iessen an nomëttes si mer di aner Säit op de Bierg gaang wou mer eis an enger Hütt fir ee Chocky getraff hunn. Leider hate mer och schon deen 1. Stunt ze verzeechnen an eist Jéngst (Ketty) huet misste bei de Monni Dokter, sou datt mer bessi mi spéit an d'Schwemm komm sin fir eng Dusch ze genéissen, op déi mer eis schon zanter freides gefreet hun. Deemenstprechend spéit hu mer owes giess a jiddereen ass geschwënn nom Iessen an de Schlofsak gekrabbelt, vu datt mer all Moien um 7 Auer opgestan sin fir pünktlech um halwer 8 am Carré ze stoen. Fir d'Info iwert dësen Dag ze vervollstännegen sief gesot, datt d'Ketty no engem Dag Paus "rem op de Brieder stoung.

Dënschdes si mer op Gerlitzen gefuer. Géint Mëttag hu sech d'Wolleken op der Spëtz vum Bierg verzunn an d'Vue war aussergewéinlech schéin: dése Bierg war vu Bierketten émgin an dertëscht louch eng Wollekendecken, an déi



Rapport Techuana 2012

mer am léiwsten dragesprong wieren - wonnerschéin.

Um 13h00 hate mer nees Rendez-vous bei der Remorque - d'A-Team konnt den Dësch leider nach net decken, well mer kee Schlüssel vun der Remorque haten. De Christophe ass 13h47!! mam Schlüssel komm (mir hu gedanzt fir eis ze wiermen a wollte scho Schnéi iessen, fir net vun de Been ze falen). Dës Kéier hu mer net op di aner gewaart mam Iessen. Net scoutslike denkt der lo vläicht, ma u sech wollte mer Schi fueren an net op engem Parking eis an der Keelt waarmdanzen an de giele Fändel ass réischt eng hallef Stonn mi spéit agetrudelt (dir kënnt iech jo denken, ween dee Fändel hat). Nee, lo sérieux, mir hun eis Suerge gemaach a wollten eis just stärken fir eis dono op d'Sich no de verluerene Schof ze maachen. Nomëttes waren d'Pisten zimlech veräist an dofir hu mer eis mat Zäit bei der „Born“ getraff, fir ee gudde Schock.

mat Alm-Mëllech ze genéissen. Och wa mer owes mat Zäit um Camp waren, sinn di meeschter kuerz no 21h00 an hire Schlofgemächer verschwonn - et freet ee sech firwat .

Mëttwochs ware mer nach eng Kéier op Gerlitzen - dës Kéier mam Auto op d'Mëttelstatioun an ech hat mer onnëtz Gedanke gemaach, op mer iwert déi verschneite Strooss erop kéimen. D'Vue um Parking huet eis dunn fir d'Stroosseverhältnisser entschiedegt . Mat Postkaartewieder war deen Dag den absolutten Highlight a mëttes wore mer ALL! mat Zäit um Parking fir zesummen ze picknicken. Mir hun eis et an der Sonn sou richteg gutt schmaache gelooss - einfach super! Owes rëm relax an d'Schwemm a Sauna fir den Dag relax auskléngen ze loossen. Gutt midd hu mer eis op de Wee gemaach fir heem an hanner um Enn war et bal 23h00, wéi mer dee gudden Chilli giess hun (op déser Plaatz een décke merci fir d'Ravis- a Kachekipp, déi eis esou gutt versuergt huet - merci Manul, Chouch a Maki).

Donneschdes war de „Katschi“ ugesot - ech ka leider näicht zum Schifuere schreiwen, well ech war deen Dag mam Anoa, Mouette, Manul a Maki op Klagenfurt (di Läppercher hu sech net getraut, fir bis op Venedeg ze fueren). Elo gëtt et zu Klagenfurt op d'mannst een Apdikter, deen d'Lëtzebuerger fir ee lëschtegt Vollek hält (= Insiderwitz). Ee vun den Touristen zu désem Dag (O-Ton): „Es war sehr schön!“ Owes hu mer di traditionnel Kéisfondue giess an d'Spullekipp (Manul a Maki) hun eestëmmeg décidéiert (mat Ënnerstëtzung vun aneren, déi mol net hu misste spullen), datt déi Traditioun 2013 net wieder gefouert gëtt.

Freides hun ech ee Reportage iwert der Ravisekipp hir Charge gemaach - ech hu se dofir beim Akafe begleed a muss gestoen, datt dat keen Zockerschlecken ass .

Freides owes war rëm méi Action ugesot, well mer agepak hun an d'Remorque gepak hun etc. Samschdes war et alt rëm Fréibire (net ze verwiesele mat Fräibéier) gin a mer sin um 6h30 gestart. Ouni Tëschefäll si mer zu Bouneweg ukomm an hun eis ee Menu am Restaurant genehmegt.

Sonndes ware mer zu enger gudder Ekipp, fir alles ze sortéieren, ze botzen an ze raumen an um Enn hunn d'Home, d'Autoën an d'Remorque geblénkt, datt et eng Freed war.

No enger kuerzer Evaluatiounsronn am Carré hu mer eis mat der Chaîne des adieux äddi gesot an ech denken, datt jidderee frouh war, datt e konnt bei déser Editioun derbäi sin - ech soen op alle Fall merci fir di schéin Zäit a fir iech all!!! Racoon



Rapport Techuana 2012

Rapport Techuana 2012

Fréides, den 17. Februar 2012

Freides owes um 19Auer huet sëch déi tip top bereed Techuana-Crew am Home zu Bouneweeg getraff fir déi lescht Saachen fir an Eisterreich ze paacken. Also ech soën „tip top bereed“ mee sou ganz huet dat nüt geklappt. D' Claude haat neemlech geduet an eisem Chalet zu Techuana wier et souuuu warm dat een keen Schloofsaack braicht! Mee gudd dat den Home émmer een an der Réserve huet D'Valisen goufen all an d'Remorque verstaut, an dann konnt den Grizzly mat der Jeep an mam Unhänger bis op Zëtteg fueren. D'Scouten an d'Explorer hun hier Kreativitéit bei der Gestaltung vum Chargentableau erausgeloos. D'Autoen goufen nach an: Family-Mobil, Pappi-Mobil, Chicka-Mobil, Kombi-Mobil an Maki-Mobil opgedeelt. An nach ganz wichteg all Auto krut séng Tuut Kamellen an dem Pic séng Waafelen! Fir z'iessen kruten mir lecker Pizza. No den Chargen konnt jiddereen bëssi relaxen awer nüt ze spéit op bleiwen, well den nexten Daag gët een ustrengenden Daag. **Breeze**



Samstes, den 18. Februar 2012

Samsten moien huet tatsächlech den Wecker um 5Auer geschellt. Lo huet ét gescheescht schnell tip top Uniform undoen, Kellogs iessen an hops waren mir géint 6Auer prett fir mat den Autoen lasszfueren. Am Pappi-Mobil waren sècher keng Schloofmutzen! Den kléngen Jäitzert gouf ausgepaack an dann hun mir mol gudd gesongen. Obwouel eis Motivatioun grouss wor, sinn mir trotzdem eng kéier angeschloof bis mir am Stau geland sinn. An well d'Belge ganz rauer sinn an mat oppener Schiebedier vun engem Mini-Bus gefuer sinn, d'Partymusék haard opgedréint wor an sècherlech nüt déi éischten Champesfläsch am Grapp haaten, huet den Pappi-Mobil bessi Konkurrenz gemaach an huet „Ai se eu te pego“ och haart opgedréint an mir sinn ab gaangen! Den Léit an den Autoen gewonk, an dem Racoon séng rout Kou vum Golf huet säin Numm och krut: Bruno! No ganz laanger Fahrt wou eisen Mo ganz schéin geknurrt huet, sinn mir endlech zu Zellhof ukomm, wou den Chouch-Mobil schon op eis gewaart huet. D'Boulettes an d'Brout gouf ausgepaak an schnell giess. Mee mir konnten trotzdem nüt widderstoen den Federal-Site vun 2008 nach eng kéier mat Schnei iwwerdeckt kucken ze goen an nach eng kleng spontan Schnéiballschlacht ze starten. Dono sinn mir nees lass gefuer well Techuana ass nüt méi wäit fort! Bei den leschten 100 km ass dem Claude, Sophie an mir d'Loscht komm een Techuana-Lidd ze schreiwen. Een richtegen Hit! Wou mir endlech op der Campplaatz ukomm sinn, wor d'Famill schon do an hun eis Heizung ungefaangen an den Wee fräigeschëppt. Den Unhänger ass ausgelueden ginn an jiddereen ass do hellefen gaangen wou een Hellef gebraucht huet. An der Kichen, am Sall, an den Dortoiren oder nach dobaussen. Fir z'iessen gouf ét dem Pic séng berühmten mat Léift préparéiert Spaghettiszoos! An och mat léift gekachten Nuddelen vun der Kachequipe. D'Chargen goufen nees gemaach an die eng hun sèch schon fir d'Bett gefreet, während die aaner sèch nach een gemiddlechen owend beim Feier gemaach hun. **Breeze**



Sonndes, den 19. Februar 2012

Um 10 virun 7 huet den éischten Wecker gerabbelt. 10 Minuten drop den zweeten annoom vëierten Wecker sinn dèi letzt dann och schlussendlech aus hierem Schloofsaakgekroch. Lues an lues hun dèi éischt Sonnenstrahlen

Rapport Techuana 2012

hieren Wee an Techuana gemaach, an ét huet een mol endlech konnten gesinn wèi den Site dann iwwerhaapt am Daag ausgesäit. (Schliesslech sinn ech fir d'éischten kéier dobäi) Op jiddefall huet ét mol nüt méisou onheemlech ausgesinn, wéi Samstes owes wou een do ukomm ass. Et gouf een Carré gemaach, d'Patrullen sinn opgedeelt ginn an jiddereen huet séch am Laaf vum Daag en Kreesch missten aussichen. D'Regelen vum Camp goufen erklärt an fir déiwou nach nüt dobäi waren ass ét direkt lass gaangen mat Waasser sichen goën. Mee mir haaten mèi wèi 20cm Schnèi, an Eemeran fèllen goën wou den Wee sou schmuel ass wèid' Breed vun dènger Hand war nüt sou Ohne. Fir séch do nüt mat den vollen Eemeran op d'Sabbel ze leen an dobäi nach an d'Baach ze faalen grenzt schon un Konscht :) Nuje mir hun daat ganzt awer drëschen iwwerstaanen. Ganz vergiess hun ech elo d'Moiesiessen daat aus Schmieren bestaanen huet. Nodeems jiddereen eppes am Bauchhaat ass et dunn och lass gaangen mat deenen verschiddenen Chargen: Holz hacken, Toiletten botzen, Kitchen botzen (dèi war nämlech sou richteg dreckeg), Schnèi schéppenwell d'Autoen missten jo schliesslech och eng Plaatz hun wou se émmer gudd raus an rankommen konnten. (Waat mer natierlech nüt wossten, ass dat den Daag dono mol rem sou richteg gudd geschneit huet an mer alles em soss geschiëppt haaten. Sport hun mer Sonndes op jiddefall genuch gemaach :P) Mëttes kruuten mer dun Gemëiszopp mat enger Mettwurscht an noom Iessen war mol méi en relaxen Programm ugesoot. Déi eng sinn trëppelen gaangen an déi aaner déi méi Jonk wou eppes fir d'Schoul hun missen maan sinn dann gemiddlech beim Feier setzen bliwwen an hun geléiert. Et ass émmer méi spéit ginn an et war schon däischter wou dunn den ganzen Recht rém opgetaucht ass. Wei déijeeneg séch mol rém bëssen opgewiermt haaten, huet d'Ravisequipe dann och schon d'Iessen färdeg gemaach. Et gouf fir lo näisch falsches ze soën Omelette mat Gromperen an Ennen (Leider wees ech nüt méi wéi den offiziellen Ausdruck fir dest Iessen ass :)) Wéi émmer goufen d'Chargen gemaach, an mir hun eis nach en gemiddlechen owend mat Kaart spiller gemaach. D'Chaufferen sou wéi och deenen aaneren sinn d'Aan awer lues a lues zugefall an een noom Aaneren sinn mer dun och schloofen gaangen, fir och richteg fit ze sinn fir den nexten Daag :) Sophie

Méindes, den 20. Februar 2012

Et ass den éischten Daach wou mir op d'Pisten ginn, an mir sin schon all gespaant. Deen moien geet ét gemiddlech oof. Am Carré gët den Fändel op deem zweeten Mast eropgezun, well et den zweeten Daach an Techuana ass. Den Dësch gouf schon gedeckt an mir ginn all direkt nom Carré iessen. Et gët Joughurt, Schmieren an Muesli. Am Iessraum gët den ganzen Daach laang vun eiser Kachequip mat Holz gewiermt. Mir hun villäicht dofir bëssen ze laang giess, an sinn am éischten Daach an Verspéléitung fochtgefuer fir op d'Pisten. D'Kachequip an d'Laska sinn nüt op d'Pisten gaangen. Fir d'éischt kéier wou ech dobai waar hun mir en Unhänger mat op d'Pisten fir d' Material matgeholl. Déi letzt Joeren haaten mir némme eng Skikëscht um Auto fir d'Skier. Dofir goung daat an- & auspaacken bei den Pisten méi einfach an flott. Um éischten Daach war ét ganz schéin Wieder op der Pist. Mir hun eis nach virdrun an ongefíer 4 Equipen opgedeelt, an sinn an Groupen gefuer. Um 13:00 hun mir eis dann bei den Autoen fir mëttes getraff. Schmieren, Gemeis an aaner Snacks gouf ét émmer fir mëttes. D'Pisten waaren relativ gudd, an et gouf fir den



Rapport Techuana 2012

éischten Daach och gemiddlech gefuer. Ech sinn mir nüt méi sécher, mengen awer daat den Skigebiet 'Schoenegger' geheescht huet. Et war awer daat Gebiet wou mir och Freides zum Schluss vum Camp hingefuer sinn.

Um 4 Auer hun mir eis op enger Almhütt fir e Patt/Schoki getraff. Déi meeschte vun eis sinn dono nüt méi mam Lift rop gefuer, well déi schon géint halwer 5 zouginn. Meng Groupe (Jongenequipe) sinn awer nach emol rop gefuer. Do uewen war ét awer immens niwweleg an schwéier ze gesinn. Mir hun ét awer nach bis eroof geschafft. Bei den Autoen sinn déi meeschte an Verspéditung dann och ukomm. D'Ketty haat séch um Arm wéi gedoen an misst bei den Dokter, ét wor awer náischt schlémme, an am iwwernächsten Daach dierft sie erëm fueren.

Dono stung Sauna um Programm. Dodrop haaten mir eis all schon drop gefreet, well mer keng Dusch vum Ufang vum Camp geholl haaten. Et gouf finnësch Sauna, Dampf an Kräutersauna. D'Thermen haaten och eng Piscine dobannen an eng nüt oder baal nüt gewiernten Piscine dobaussen. No der Sauna hun mir nach mat der Kachequip an dem Laska giess. Bei den Oweschargeen hätt ech, aus Versinn een Fesch aus der Baach mat engem Eemer (fir d'Toiletten) gefaangen. Et war nach gudd dat d'Paco en gesinn huet an nüt an d'Toilette geschott huet. Den „promi“ Fesch gouf nach puer mol photographiéiert an dann an d'Baach zeréckgeschott. Et war d'éischt kéier zu Techuana wou daat geschitt ass. Dofir misst ech och dësen Rapport schreiwen :D Dono hun mir nach d'Zänn gewäsch an sinn pennen gaangen. Nicolas

Dënschdeg, den 21. Februar 2012

En Dënstenmoien sinn mir wèi all Daach um 7 Auer erwächt, an hun eis prett gemaach, ungedoën an bis an den Carré getréppelt, dien um halwer acht war. Do kruuten mir den Programm vum Daach erklärt, an sinn dunn iessen gangen. No dem Iessen goufen d'Chargeen gemaach, an dann sinn mir an d'Autoen geklommen fir op d'Schigebitt Gerlitzen ze fueren. Gerlitzen ass en schéint Schigebitt, mat uewen um Bierg enger wonnerschéiner Vue op déi aaner Bierger & Umgebung, just ét gouf een Probleem:

Et war ganz vill Niwwel. Vun do uewen aus huet een guer náischt méi gesinn. Mee ausser daat war ét en coolen Daach, bis op engeSaach, déi ech io baal gezwungen gouf hei drann ze schreiwen... D'Claude haat mir den Moien séng Hännchen geléint (well ech eng vun mengen vertesselt haat), déi hun jo schon bei mir sou sexy ausgesinn, (well ét Meederchershännchen sinn), mee dann och data, wou mir (Christophe, Sam, Nicolas, Samuel an ech) den Bierg eroofgefuer sinn, hun ech sie ennerwee verluer an sinn d'falsch Pist eroof gefuer. Dun énnen beim Aachterlift hun ech dem Christophe ugeruff, an hien soot ech sollt den Lift eroop huelen, waat ech och gemaach hun. Dun ass mer opgefall dat ech eng vum Claude séngen Hännchen verluer haat... Als ech dun endlech unkomm wor bei der Hütt, wou schon jiddereen ukomm war, war ech awer frouschon en Almdudler an en Kaiserschmarren do stoën ze hun! :)

Den nächsten Daach sinn mer erëm op Gerlitzen gefuer, an ech hun d'Hännchen awer rém fonnt! (duerch dem Eric séng Hellef) ;)

Bref, den owend hun mer nach giess, d'Chargeen gemaach, e bëssen Couillon gespillt, an sinn dun schloofen gaangen. Ludovic



Rapport Techuana 2012

Mëttwoch, den 22. Februar 2012

Deen Daag sinn mir wéi all Daach um 7 Auer erwächt ginn, fir um halwer 8 prett am Carré ze stoën. Mir hun eis entscheed op Gerlitzen Ski fueren ze goën. Dann hun mir moies giess an hun eis Charge gemaach. (Spullen, Eemeren fëllen, Holz notesselen, Këscht paacken, ...) Wéi alles färdeg war, sinn mir géint 9 Auer an d'Autoen geklomm an sinn ongefíer eng Stonn bis op Gerlitzen gefuer. Do unkomm hun mir d'Skimaterial ausgepaack an eis prett gemaach fir op d'Pisten. Et sinn kleng Gruppen gemaach ginn an mir hun eis Rendez-vous fir Mëttes um eng Auer fixéiert.

Wéi mir all Mëttes zeréck um Parking waren, an alles ausgepaack war fir z'iessen, hun mir gesong an giess. Well ét Mëttwuchs war, hun mir gesoot mir géingen eis schon um 4 an der Géigend vum Parking treffen bei enger Hütt fir eppes zesummen ze drénken an fir dono awer nach vun der Sauna profitéiren ze können.

Mir sinn mat den selwechten Gruppen wéi moies weidergefuer an jiddereen war virun 4 bei der Hütt. Mir hun do nach bëssen gerascht an eppes gedronk an sinn dann all zesummen zeréck bei den Parking gefuer. Déi aaner sinn no der Hütt den direkten Wee riets Richtung Parking gefuer an ech haat nüt opgepasst an wor schon riicht aus ännerwee Richtung Lift. Wou ech dun gemierkt hun dat déi aaner nüt méi niewt mer worn, hun ech no hinnen gekuckt an gesinn dat sie schon baal um Parking worn sou hun ech gebremst, meng Ski ausgedoën, se op méng Schélleren geluecht an sinn daat Stèck bis bei d'Autoen nees erop gekraxelt ...

Haut sinn mer och nees an d'Sauna gefuer, mee am Platz bei déi üblech Sauna ze goën, sinn mir deen Daag am d'Römerbad gaang. Et war méi schéin an roueg do bannen, wéi bei der aanerer. Et worn och mei Sauna'en do. Um 8 Auer stoungen mir dobaussen an sinn dann och zeréck bei den Chalet gefuer. Mir hun dann giess an eis Charge gemaach, dono wor net méi vill Zait iwwerech bliwwen virum schlloofen. **Samuel**

Donneschdes, den 23. Februar 2012

Wéi all Moies, sinn mer mat vill Middegkeet um 7 Auer aus den Schloofseck gekroch. Wou mer dann am Carré stoungen, huet Tamia mat voller Freed annoncéiert dat mer haut géifen op den Katschberg fueren (Katschi). No eisem luxuriésen Cafee-Buffet waren mer och schon séier an den Autoen an hun eis op den Wee gemaach. Den Trajet huet ongefíer eng Stonn gedauert. Um Parking vum Katschberg, nodeems jiddereen säin Ski-Material unhaat, goufen mer dann vun engem Traktor-Bus-Navette matgeholl. Op der Skipist ass ét direkt an d'Richtung vun der berühmter Autobahn-Piste A1 gaang. Verschiddener wéi zum Beispill den Tameng hun do och den sechsten Gang angeluecht an d'A1 mat voller Freed roofgecarvt. Domat war och schon den Moien gelaaf an mir hun um pünktlech 1 Auer eisen Schmieren-Buffet eröffnet. Als Dessert hun mer endlech eis letzten Cactus Kéistaart verspeist. Drei Stécker vun der Taart sinn awer nüt méi giess ginn an doropshin huet d'Tamia all sympatéschen Traktor-Navetten Chauffeur een Stèck Taart offréiert. Sie waren dun och glécklech dat se mol eppes ziessen haaten. Mëttes wor eng Grupp nach bei den Katschi (Plastiks Männchen an enger Herz-Form) ganz uewen um Bierg eng Foto maachen an dono een Kaiserschmarren an d'Hütt genéissen. Déi aaner Grupp wollt A1 fueren goën, mee leider leider war



Rapport Techuana 2012

der Hütt ass d'Flieger-Lidd gelaaf wou d'Lions Bleus einfach hun missen haard mat sangen an mat danzen. Owes an Techuana huet Kachequipe eis eng zauberhaft Kéisfondue mat nüt zevill Wéin hingezaubert. (Kleng Note: Den Nicolas Piron ass dëst Joér mol nüt katzen gaang, well en keng Keisfondue giess huet) Dono hun mer d'Lidderbicher ausgepaackt an am Krees gesong waat eng herrlech Stëmmung gemaach huet. Leider stoungen d'Chargen nach um Programm. Et war onmëiglech Keiskrutt énnen am Dëppen rauszekräien. Den Maki an Manul hun missten den nächsten Daach drun gleewen an dëi Dëppen mat vill Krafft propper krèien. Um 11 Auer ongeféier waren mer dann sou lues allegerten zeideg an sinn schloofen gaang.
Christophe

Fréides, den 24. Februar 2012

Freides den 24. Februar war den letzten Daag wou mir Ski fueren gaangen sinn. Mir sinn wéi all Daag um 7:00 erwäscht, fir um 7:30 am Carré ze stoën. Nom Carré hun mir fir moies giess. Nom Iessen huet jiddereen séng Chargen gemaach. No den Chargen ass d'Skimaterial an d'Remorque gedroën ginn. Dann sinn mer an d'Autoen geklomm an sinn ob d'Turracher-Höhe gefuer, wou mer schon um éischten Skidaag waren. No ongeféier enger dräivéirel bis enger Stonn sinn mir do unkomm. An dono hun mer wéi émmer d'Skimaterial aus der Remorque geholl an jiddereen huet säin Material geholl an ass mat sénger Grupp bei een Skilift gaangen an ass dono d'Pisten roof gefuer oder roof gefall wéi och émmer

Mäin éischten Lift vum Daag war een Ankerlift. Bei deem ech wou ech uewen war den Anker futti gemaach hun (ech wees nüt wéi ech daat färdeg bruecht hun) an wéinst mir war dann den Lift fir 5-10 Minuten blockéiert. Deen Daag hun mir eis um 13:00 an enger Hütt getraff fir do eppes ze iessen. Daat maachen mir awer och némmen den letzten Skidaag. Dono ass dann rëm jiddereen ob d'Pisten gefuer. Um 15:45 hun mer eis dann schon bei den Autoen getraff, an sinn um 16 Auer an d'Sauna gefuer. Do sinn mir bliwwen bis 6 Auer an dono rëm zrëck an Techuana gaang. Do hun mer d'Owesiessen giess an dann hun mer eis Chargen rëm gemaach. Dono hu mer eis Valissen gepaack, d'Remorque gelueden an sinn um 23:00 schloofen gaang. **Sam**

Samstes, den 25. Februar 2012

Moies ganz frèi ass ét schon lassgaang. Dunn sinn ma deen letzten Daag moies an Techuana erwäscht, eis Valisen waaren schon gepaak, also missten mir némmen nach Iessen goën an nach eng kéier kuerz botzen (dobai muss gewosst sinn dat se an Techuana méi gemiddlech sinn mat der Hygiène, wèi bei eis doheem :)) Wou alles färdeg war, hun mir all den Camp an Eisterräich mat enger 'Chaîne des adieux' oofgeschloss an eng letzten kéier den Fändel um letzten Mast eroofgezunn. D'Famill ass ab do hieren eegenen Wee Heem gefuer, an mir sinn rëm all an eis Autoen geklommen an lass ass et gaang mat der Rees. Wéi ét an deenen aaneren Autoen zougaang ass wees ech nüt, mais waat ech soën kann ass dat den Pappimobil gudd opgeluecht huet an nüt Kontaktscheu mat den aaneren Autofuerer war. Assistéiert goufen sie alt rëm eng kéier vun hierem allerbeschten Insass dem Bruno. D'Mettespaus hun mir op enger ganz idylléscher wonnerschéiner Tankstell gemaach. Anscheinend waren d'Mataarbëschter nüt esou fuerchtbar frou mat eis,



Rapport Techuana 2012

well mir net sou grousszüeg mat den Suen op den Toiletten waren... Wou mir eis gudd gestärkt haaten an nach bëssen Almdudler fir deen eisterräichegen Feeling gedronk haaten, sinn mir alt rëm an d' Autoen geklommen an hun eis op dei letzt Kilometeren Wee gemaach, hei huet dann den Pappimobil séng aaner Säit gewisen an huet d' Partymusik an een Hörspiel émgewandelt. Wou mir dunn schlussendlech am Home zu Bouneweeg unkomm sinn hun mir nach e bëssen Ligner gespillt ier déi ganz Techuana-Equip inklusiv dem Pic (deen fir eis wonnerbar Spaghettiszoos gesuegt huet während dem Camp) an den Restaurant gefuer, wou mir all zesummen eppes Iessen waren zum Oofschloss vum Camp mat den Recht Suen. Déi eng hun méi an die aaner manner giess (gell Eric) mais daat loung wahrscheinlech un deenen villen Kamellen déi schon am Auto giess ginn sinn. Am Home unkomm, gouf nach en bëssen Loup Garrou gespillt an dann gouf séch rëm fir déi letzten kéier op dësem Camp op d'Ouer geluecht an geschloof (dës Nuecht en bëssen méi laang) Claude

Sonndes, den 26. Februar 2012

Moies gouf nach eng kéier gudd ugerappt mat Chargen an dunn ass den Camp mat enger 'Chaîne des adieux' an mat der wonnerbarer Camp Performace „Techuana Techuana“ oofgeschloss ginn.

Een schéinen Camp ... Claude



Techuanalidd

Mir sinn d' Scouten von Bounneweg

Mir sinn all mateneen Koleeg

Mir sinn all jong an aal

Mir sinn hei mat Mutz an Schaal

Techuana, ét ass rëm un der Zäit

Techuana, mat Schnéi wäiss wéi Kräid

Techuana, mat Ski an Schwämm

Techuana, hei kritt een nie d' Flemm

Hei stinn mir an waarden op den Bierg, prett mat Ski, Snowboard an Blades

Sangen ayoo ayoo, sangen ayoo ayoo

Hei stinn die aaner mat Bräi- an Kachläffelen, sie ginn kachen an duerno
tréppelen

Sangen ayoo ayoo, sangen ayoo ayoo

Techuana, Techuana

Sidd dir motivéiert?

Blo an wäissen Foulard

Jo, jo daat sinn d'Lions Bleus!

Dem LIB séng Säit

Den LIB séng Säit

Schau, da steht der Osterhase,
trägt eine Brille auf der Nase
und eine Schürze, riesengroß,
bemalt uns Eier pausenlos.

Um ihn herum nur bunte Eier,
stehen bereit für die Osterfeier.
Frau Hase packt alles sicher ein,
kein Ei darf am Fest zerbrochen sein.

Am Ostermorgen versteckt er leise,
die Ostereier auf seine Weise.
Zwischen Frühlingsblumen und jungem Gras



Häschen kommt mit seinem Fahrrad an die Tankstelle Haeschen: "Bitte volltanken !" Tankwart: "Du hascht wohl a Schräubli locker." Häschen: "Kandu au gleich festmachen !"

Kommen zwei Hasen nach China. Sagt der eine zum anderen: "Wir hätten Stäbchen mitnehmen sollen, hier fallen wir auf mit unseren Löffeln."

Häschen steht vor dem Richter.
"Häschen, schämst du dich denn nicht in deinem Alter Computer zu stehlen?"
Häschen:" In meiner Jugend gab es noch keine, Herr Richter."



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

!!! OPRUFF !!!

Denkt drun déi aktuellsten
Photoen eranzegin fir dat mer e flotten
LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.
Schéckt dës ganz einfach op
(foto@lionsbleus.lu)
oder gidd mer se direkt
Per CD oder Stick...
TAHR



LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:
21/04/2012 - 05/05/2012 - 19/05/2012 - 16/06/2012 - 30/06/2012 - 14/07/2012 - 22/09/2012

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



ALLGEMENG Datumer:

31-02/04/2012 FormationsCamp LX
31-03/04/2012 FormationsCamp LS
06-09/04/2012 FormationsCamp EX
03/04/2012 Centenaire FNEL 2014 am QG
10-14/04/2012 VelosCamp an d'Belge EX

FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:
43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00	
- 19/04/2012	- 24/05/2012
- 26/04/2012	- 07/06/2012
- 03/05/2012	- 17/06/2012
- 10/05/2012	- 21/06/2012

21-22/04/2012 Bosses & Bobos
29/04/2012 Beaver on Tour
04-06/05/2012 EX & RO Raid
22/06/2012 Faackelzuch
07-08/07/2012 Pow-Wow (8/07/12 fir BV&LX)

Neie Vademeicum fir Wöllefcher

De Stock vun dem aalen Vademeicum fir de Wöllefchen ass esou lues opgebraucht. Dofir brauchen mir eng nei Oplaach. Heimat sinn all Interesséiert härzelächst invitíert un dem Arbëschtsgrupp "Vademeicum" deelzehuelen. Eng éischt Versammlung ass den 16.04.2012 um 19:30 am QG. An dësem Arbëschtsgrupp soll den Vademeicum iwwerschafft ginn, méi modern an faarweg gemaach ginn, all Ideen sinn welcome.



D'FNEL wor den 24. & 25.März um 'Relais pour la vie' an der Coque vertrueden. Hei sinn eng 300 Equipeen mat 20-40 Léit 23 Stonnen gelaaf fir de gudde Zweck, an d'FNEL wor eng dovunner :)

FUUSSENWOCH am Lycée Michel-Rodange 7 & 8 Mee

D'FNEL proposéiert een Atelier. Appel un d'Gruppe dat d'Scoutscheffen déi Schüler am Lycee Michel Rodange sinn sech beim Claudine an der FNEL mellen. Claudine@fnel.lu; 26480450.

et schengt

et schengt

- 01) wei wann onse Finn sëch dëst Joér an Techuana nüt iwwerginn huet
- 02) wei wann mer eng liewësch Dreckskëscht an Techuana gehaat hun
- 03) wei wann d'Lions Bleus um Wanterhike gerockt hätten
- 04) wei wann puer Léit (keng Lions Bleus!!) gemengt haaten se missten sëch e Spaass op d'Käschten vun aaneren Léit erlaaben op der Réunion semestrielle
- 05) wei wann de SiWe dëst Joér den Kanner gudd gefall hätt
- 06) wei wann den Wöllefchers-Rap gären mat séngem Auto am Bulli géing spinnen
- 07) wei wann en Max mat op den Velo-Camp geet
- 08) wei wann eng Schubkaar kéint geféierlech ginn fir d'Velosfuerer
- 09) wei wann d'Cargolux nei Bruchpiloten géing kréien
- 10) wéi wann ét an Techuana esou waarm ass
- 11) wei wann verschidden Cheffen kréativ wieren
- 12) wei wann onse Präsi vun der Amicale nämmen nach kleng Autoe keeft
- 13) wei wann ét dëst Joér extrem kaal an Techuana gewiercht wier
- 14) wei wann zu Hierber en zukunftgen H. Lehrer géif wunnen
- 15) wei wann déi decksten Autoen déi séierst wieren
- 16) wei wann um Schaffeweekend en Speicht un der Dier gepickt hätt
- 17) wei wann en Speicht am Skoda den RDV net fonnt hätt
- 18) wei wann an der Faschentzäit de Whisky awer gud schmart
- 19) wei wann onsen Wäschbier do suzt wéi eng invitíert Police
- 20) wei wann een no engem dezente Whiskysowd d'Maul nawell gudd gesengt hätt
- 21) wei wann een no 25 Joer Guedber net al d'Shalteren am Haus géif können

et schengt net nemmen

- 01) wei wann hien dëst Joér keng Kéisfondue giess huet
- 02) wei wann d'Laska alles geleckt, gesuckelt an gefriess huet waat ét um Buedem fonnt huet
- 03) wei wann d'Scouten eng vun den schnellsten Troupen worn
- 04) wei wann se d'Strécklen vun den aaneren Léit hieren Schong uneen gestréckt hun
- 05) wei wann d'Wöllefcherscheffen sëch nüt grad sou gudd amuséiert hätten
- 06) wei wann verschidden Léit sëch no deem Gespills missten d'Ouren grëndlech wäschchen
- 07) wei wann de Max e puer mol kontroléiert hätt op den Buedem nüt ze haart wier
- 08) wei wann den Noper ét d'knuppen héieren huet
- 09) wei wann fléien awer nüt esou einfach wier wéi geduecht
- 10) wei wann geduescht huet ét braicht een keen Schloofsaack matzehuelen
- 11) wei wann Techuana säin eegent Lidd kritt hätt
- 12) wei wann geweësen Léit èmmer gejéimert hätten, dat se keng Platz an séngem Volvo hätten
- 13) wei wann dëst Joér den Schlauch 2 mol gefruer gewiercht wier
- 14) wei wann den H. Lehrer säi roude Bic net am grëff hätt a momentan roud Strécher op der néier Mauer géif zéien
- 15) wei wann déi decksten Schwanzklapperten déi deck Autoen aaner Autoen kussen loessen
- 16) wei wann dat säin Schued sollt gewierscht sin, well den Kaffi ganz gudd wor.
- 17) wei wann den neien RDV nemmen 50m ewech op enger bekannter Platz wor
- 18) wei wann en Wäschbier sech dofir net géif fléiwe lossen
- 19) wei wann se nawell dekken Honger gehat hätt
- 20) wei wann dat béri Mimosen 3 Deeg Krankeschéin géife gin
- 21) wei wann een sech do beim Elektriker nawell gud blaméiert hätt

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - M. Thibo Charles - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - M. Schintgen Claude - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Rohmer Kevin - Famille Reiners

D' Wandrous no 337 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Troupe an Explorer

Un der WANDROUS N°338 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wöllef - Scouten a Explorer / Claude / Eric / Breeze / Sophie F. / Aleksi / Racoon / Sophie R. / Nicolas / Ludovic / Samuel / Christophe / Sam / Techuanaéquipe / Kodiak a Tamia

Programm Wandrous

den 3Méint-Programm

abrëll' 12		mee' 12		juni' 12	
So 1	BV & LX Ouschtercamp	Dë 1		Fr 1	
Me 2	LX Ouschtercamp	Më 2	Permanence	Sa 2	
Dë 3		Do 3		Sa 3	
Më 4		Fr 4		Me 4	
Do 5		Sa 5	Beaver/Troupe LX Sortie EXPLORER-ROVER RAID	Dë 5	
Fr 6		Sa 6	EXPLORER-ROVER RAID	Më 6	Permanence
Sa 7		Me 7		Do 7	
So 8		Dë 8		Fr 8	
Më 9		Më 9	Permanence	Sa 9	Beaver/Meute/Explorer SG TroupenSortie EX Sortie
Dë 10	EX VelosCamp an d'Belge	Do 10		Sa 10	
Më 11	EX VelosCamp an d'Belge	Fr 11		Me 11	
Do 12	EX VelosCamp an d'Belge SG Ouschtercamp	Sa 12	Beaver/Meute/Patrouille PatrullenSortie' Black Mamba' EX Sortie Lions Rouge	Dë 12	
Fr 13	EX VelosCamp an d'Belge SG Ouschtercamp	So 13		Më 13	Permanence
Sa 14	EX VelosCamp an d'Belge SG Ouschtercamp	Me 14		Do 14	
So 15		Dë 15		Fr 15	
Me 16		Më 16	Permanence	Sa 16	Beaver/Meute/Troupe/Explorer Elterenvers TECHUANA um 16:15
Dë 17		Do 17		So 17	
Më 18	Permanence	Fr 18	Wandrouseinsendeschluss	Me 18	
Do 19		Sa 19	Meute/Troupe/Explorer BV Sortie	Dë 19	
Fr 20		So 20		Më 20	Permanence
Sa 21	Beaver/Meute/Explorer PatrullenSortie' Black Mamba' PatrullenSortie' Anaconda'	Me 21		Do 21	
So 22		Dë 22		Fr 22	FAACKEL ZUCH LBB Grillstand-Metzler Kaiffer
Me 23		Më 23	Permanence	Sa 23	keng Versammlungen
Dë 24		Do 24		So 24	
Më 25	Permanence	Fr 25	Wandrousredaktionsschluss	Me 25	
Do 26	Comité	Sa 26	PËNGSHTCAMP	Dë 26	
Fr 27		So 27	PËNGSHTCAMP	Më 27	Permanence
Sa 28	keng Versammlungen BV Beaver on Tour RO-WEEKEND	Me 28	PËNGSHTCAMP	Do 28	
So 29	RO-WEEKEND	Dë 29	PËNGSHTCAMP	Fr 29	
Me 30		Më 30		Sa 30	Beaver/Meute/Troupe/Explorer
		Do 31			

Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



fnel
scouts & guides



* An de vun de Stäre stét opgeholl! huert an erën en dat das de Clan Racoon indecisif. Mir wënschen néien Member op sengem néien Scoutschen him Scoutswéell!* alles guds



* THAT'S ALL FOLKS